



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 04/03/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

Den Artikel 11 vum Lëtzebuergeschen Déiereschutzgesetz hält zesumme mam Reglement grand-ducal vum 6 November 2018 fest, dass et verbueden ass en Hond ze besetzen oder ze verkafen, deen eng Amputatioun erlidden huet, déi veterinärmedezinesch net noutwenneg war an net ob eng Kastratioun oder eng Sterilisatioun zeréckgeet. Esou ass et zu Lëtzebuerg säit 2018 also net méi erlaabt en Hond ze besetzen, deem opgrond vu vermeintleche Schéinheitsidealer de Schwanz amputéiert gouf. Obwuel dëst Gesetz eng wichteg Mesure ass, fir d'Verstümmelung vu Rassenhënn ze ënnerbannen, setzt et Associatiounen, wéi z.B. *Pets Angels Luxembourg*, déi sech em vernoléissegte Déieren am Ausland an zu Lëtzebuerg këmmere; virun e grouse Problem. Duerch dat néit Gesetz ass et Déiereschutzorganisatiounen oft nämlech net méi méiglech, amputéierten Déieren en neit Doheem ze schenken, well d'Associatiounen a ville Fäll net nowise kennen, wéi et zu der Amputatioun koum – bspw. duerch en Accident, eng ugebuere Malformatioun oder eben e mënschlecht Agräifen –, an d'Déieren dofir net weider vermëttelen däerfen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Wéi a wéi oft gëtt d'Ëmsetzung vum Artikel 11 vum Déiereschutzgesetz zu Lëtzebuerg kontrolléiert?
- Wéi a wéi oft gëtt spezifesch kontrolléiert, dass Léit keng amputéiert Hënn halen?
- Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Déiereschutzgesetz an de Reglement vum 6 November 2018 ënnert hirer aktueller Form Déiereschutzorganisatiounen an hirer Aarbecht aschränken?
- Gedenkt d'Regierung – villäicht iwwert de Wee vu staatlech ausgestallten a kontrolléierte Lizenzen – bestëmmten Associatiounen, déi sech fir d'Wuel vu vernoléissegten Déieren asetzen, eng Erlaabnis ze erdeelen, fir amputéiert Hënn oder Katzen aus dem Ausland an dem Inland zu Lëtzebuerg vermëttelen ze kennen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 05 mars 2019

Objet : Question parlementaire n° 452 du 05.03.2019 de Monsieur le Député Sven Clement -
Animaux amputés

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés